N°3436
Entrée le 29.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, a vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°3436 vum 12. Januar 2026 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen betreffend d'"Location à courte durée"**

1. **Deelt d'Regierung d'Aschätzung, datt eng Kuerzzeitverlounung, déi rechneresch ronn 1.100 Wunnengen aus dem Marché hëlt, am Verglach zu nëmme ronn 1.500 zur Locatioun ugebuedene Wunnengen, e strukturellen Impakt op de Wunnengsmaart hunn?**

Et ass net méiglech aus de genannten Zuelen op d'Envergure vun engen eventuelle strukturellen Impakt op de Wunnengsmaart ze schléissen. Ob der enger Säit ass net bekannt no wéi enger Method di „rechneresch ronn 1.100 Wunnengen" geschätzt ginn an ob der anerer Säit gëtt de Volume vum Locatiounsmarché massiv ënnerschätzt, wann een nëmmen d'Annoncë vun engem Portal zu engem bestëmmten Dag als Referenzwäert notzt an dobäi och nach ignoréiert, dat eng Kuerzäitverlounung vill méi oft annoncéiert gëtt, ewéi eng Wunneng, déi fir eng a priori onbegrenzten Zäit verlount gëtt.

2. **Wäert d'Regierung eppes ënnerhuelen, fir dass déi vill Wunnengen an der Kuerzzäitlocatioun an de reguläre Wunnmarché agefouert ginn? Falls jo, wat ass geplangt?**

D'Reform vum Droit d'établissement huet e klore Kader fir d'Kuerzzäitlocatioun geschaf, a notamment festgeluecht, datt d'Verloune vun enger Wunneng u Kuerzzäitgäscht ab enger gewësser Schwëll (90 Deeg pro Joer) als professionell Exploitatioun vun engem Hebergementsbetrib ugesi gëtt. De Proprietär vum Logement muss an deem Fall e Changement vun der Affektatioun vu sengem Gebai bei senger Gemeng ufroen. Falls d'Gemeng hiren Accord net gëtt, kann déi entspriechend kommerziell Aktivitéit net ausgefouert ginn. Am Fall wou de Proprietär trotzdeem d'Wunneng verloune wéilt, kann hien si entweder manner ewéi 90 Deeg pro Joer an d'Kuerzzäitlocatioun ginn oder si um reguläre Wunnmarché ubidden.

Luxembourg, le 29/01/2026

Le Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles